ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 11/11/2025

Rapport vun der Kommissioun vum drëtten Alter

Sëtzung vum 7 Oktober 2025

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Pascale BERNA	Rosie BRANDENBURGER (entschëllegt)	
Yolande EVERAD-GRAFF	Stefanie BLOCK (entschëllegt)	
Sylvie GIERES-DEITZ	Seth RUEF (entschëllegt)	
Carlo KOEPP (Sekretär)	Suzanne WEIS-COLLÉ (entschëllegt)	
Corinne REDING-SCHARLÉ (Presidentin)		
Liselotte RUEF-VOGT (Vize-Presidentin)		
Lydie RUPPERT		

Dagesuerdnung

Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un (3e.age@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem d'Memberen Schäfferot, ugepasst

1. Begréissung, Presenzelëscht
2. Presentatioun vum Konzept SAMO vun der Mme Kina Thill (~30min) (Mail vum 23.9)
3. Validatioun Rapport
4. Demanden a Retouren vun der Gemeng
5. Kaffistuff
6. Nächst Konferenz
7. Chrëschtfeier
8. Divers

Helperknapp, 11/11/2025

Punkt 1 : Begréissung, Presenzelëscht

Presidentin huet d' Sëtzung opgemaach an d' Memberen begréisst. Véier Memberen haten sech entschëllegt.

Punkt 2 : Presentatioun vum Konzept SAMO vun der Mme Kina Thill

Op Demande vum Gemengensekretariat gouf Mme Kina Thill invitéiert, fir an der Sëtzung hiert Konzept SAMO virzestellen.

Mme Thill huet sech als Educatrice graduée virgestallt. Si wunnt an eiser Gemeng, a berufflech ass si selbstständeg an si huet ee Konzept am Beräich Wuelbefannen entwéckelt. Et baséiert op 3 Pilieren:

- Aktivitéiten an der Natur
- Vill Beweegung
- Gesond an equilibréiert Ernärung.

No eegener Ausso richt sech hiert Angebot u Kanner ab 4 Joer souwéi un Erwuessener ouni Alterslimitatioun.

Aktivitéiten fir Jonker als Beispiller:

- Schnëtzen, Feier maachen
- Dekoratiounen a bastelen mat Naturmaterialien
- Beweegungsspiller am Fräien wéi Bingo, Mini-Olympiaden usw.
- Outdoor Kichen mat Kraider sammelen,...
- Rallye mat Geschichten aus an iwwert Gemeng

Fir **Senioren** sinn nach keng konkret Aktivitéiten am Programm virgesinn, mee Mme Thill war an eiser Sëtzung fir dëst Thema ze diskutéieren.

Verschidden Aspekter goufen ugeschwat, dorënner de Begréff "Wildnis Pädagogie" am Zesummenhang mat Aktivitéiten am Beräich Kraider, Kichen an Dekoratioun.

D' Kommissioun konnt net direkt beurteelen, ob a wéi eeler Persounen sech vun dësem Konzept ugesprach géifen fillen. Dofir huet d'Präsidentin virgeschloen et vläicht als intergenerationell Aktivitéiten ze organiséieren, wou Senioren zesumme mat hiren Enkelkanner deelhuele kéinten. Dës Iddi gouf vun de präsente Memberen positiv opgeholl. Et wier vläicht och interessant fir d' Jugend Kommissioun.

Zum Ofschloss hu mir der Mme Thill villmools Merci gesot fir hir engagéiert Presentatioun.

Helperknapp, 11/11/2025

Punkt 3 : Rapport vum 3 Juni

D'Kommissiounssëtzung, déi fir den 2. September virgesinn war, konnt net stattfannen, well vill Memberen nach absent waren an de Quorum net erreecht gouf.

De Protokoll vun der Sëtzung vum 3. Juni gouf eestëmmeg approuvéiert.

Punkt 4: Demanden a Retouren vun der Gemeng

Gemengensekretariat huet eis eng Ufro fir Avis vun enger Biergerin weidergeleet, déi divers kreativ Aktivitéiten fir eeler Persounen wëllt ubidden.

D' Kommissioun gesäit a Moment keen konkreten Handlungsbedarf, haaptsächlech well:

- D'Erwaardunge vun den Senioren an dësem Beräich eis net bekannt sinn
- D'Kommunikatiounssprooch net kloer ass

Mir proposéieren der Biergerin hir Iddien a Prestatioun z.B am nächsten Buet iwwer Annonce virzestellen.

Punkt 5 : Kaffistuff

An engem éischten Bilan kann ee feststellen, dat d' Participatioun lues a lues zouhëlt. De Raum ass frëndlech a gemittlech amenagéiert a bitt angeneem Plaz fir bis 30 Persounen. De Sall an d' Dëscher ginn ëmmer léif dekoréiert - ugepasst un Joreszäit- vun de Memberen aus der Kommissioun.

D' Gemeng ënnerstëtzt eis beim Gedrénks a beim Transport mat der Navette.

D' Nomëtteger vun der Kaffistuff, tëscht 14h30 bis 17h30, verlafen an enger agreabeler an entspaanter Atmosphäre mat vill Spill, Gespréicher a natierlech bei Kaffi a Kuch an engem gudde Patt. Notamment de Bingo stéisst op vill Uklang an d' Uspanung fir ze gewannen ass ëmmer däitlech ze spieren .

Déi nächst Kaffistuffen si elo den **11 November** (Fuesufank), an den **20 Januar 2026**.

Helperknapp, 11/11/2025

Punkt 6 : Nächst Konferenz

Fir des Konferenz iwwer d' Sécherheet am Alldag si mir am Kontakt mat GERO. Den Termin vum 4 Februar ass festgehalen ginn. D' Koll ass nach ze reservéieren. De Carlo bléift am Kontakt mat dem Här Gaspar vu GERO fir de weideren Oflaf.

Den Termin soll am Manifestatioun Kalenner an am Buet publizéiert ginn. E Flyer soll 3 Wochen virdrun un d' Senioren verschéckt ginn.

Punkt 7 : Chrëschtfeier

D' Chrëschtfeier fir d' Senioren den 7 Dezember ass vun der Gemeng um Niveau vum Iessen an der Musek sou weit definéiert. Bléift nach d' Auswiel vun engem klenge Kaddo!

Punkt 8 : Divers a nächst Dagesuerdnung

D' Fro vun der Facturatioun vu Rechnungen, déi aus der eegener Tasch bezuelt goufen, am Kader vu Kommissioun Aktivitéiten, als gestallt ginn. Et gouf och nach weider gefrot, a wéi engen Beräicher de Kommissioun Budget affektéiert gëtt?

Fir déi nächst Dagesuerdnung kann een déi follgend Punkten scho vermierken:

- Validatioun Rapport
- Retouren, Demanden aus dem Gemengerot
- Konferenz iwwer Sécherheet
- Kaffi Stuff
- Aktivitéitsplang 2026
- Divers

Nächst Sëtzung ass den 16 Dezember um 18h30. Den Uert gëtt nach matgedeelt

Dëse Rapport soll an engem Délai vun 2 Wochen no der Sëtzung un d'Memberen verschéckt a no der Approbatioun als PDF un déi responsabel vun der Administration (Laetitia.Strotz@helperknapp.lu & yves.munchen@helperknapp.lu) weidergeleed.